Aus der Heemecht

TONNAR URWALD

Sträit

TEXT: MICHEL LENTZ | MUSEK: ANTOINE ZINNEN

Refrain
Wuer mer nëmmen hi gesäit
iwwerall begéint mer Sträit

1
Huelt emol de Mound an d'Sonn
wuerfir hunn se Sträit
datt een si och net eng Stonn
beienee gesäit
Géint den Owend, kuckt dorop
geet si schlofen, steet hien op

2
Wéi déi Bouwen do sech haen
wat eng Klapperei
D'Fäischt an d'Féiss déi fueren dran
an der Roserei
Iwwert d'Aen, op de Bak
All dee Sträit do fir e Wak

3
D'Freiesch motzt ma frot wuerfir
si déi Tréine kräischt
A firwat déi däischter Stier
't ass och fir en Näischt
Hie sot jo a si sot neen
Duerfir sinn se auserneen

4
Wuer dee Mann do an der Gaass
dach wuel goe soll
't mengt ee bal en hätt e Glas
iwwert d'Mooss geholl
An dem Zickzack, schaaks a riicht
deen huet Sträit mam Gläichgewiicht

5
Bei dem Patt, wéi dat sech fënnt
maache se Politik
Deen ass kinneklech gesënnt
dee wëllt d'Republik
An deen drëtten deen ass rout
schléi déi allebéid gier dout

6
Ganz Natiounen déi hu Sträit
liest emol d'Geschicht
Do fannt dir op jidder Säit
gëtt gemuert, gekricht
't schéngt op dëser Welt ginn d'Leit
senger Liewen net gescheit

Wak *m., kleiner, rundlicher, harter Stein (Quarz)*
schaaks *vun schakelen (lok.: Sierck) intr.*
Verb.: «wackeln, wanken».

Dat elei an dat elo

TEXT & MUSEK: EDMOND 'DICKS' DE LA FONTAINE

1
Zwee Himmelskanner jonk a schei
gi mir scho laang am Kapp erno
Dat eent ass kleng, 't ass dat elei
dat anert grouss, 't ass dat elo

Refrain
O, dat elei an dat elo an dat elei
O, dat elo an dat elei an dat elo
Gott, stéi mer bäi an dat elei an dat elo
Wat ass dat fir eng Wurrelerei a fir eng Plo

2
Ech sinn en allebéiden trei
a stellen ech mer emol d'Fro
Gefält der besser dat elei
hues de vläicht léiwer dat elo

3
Ass dat net grad wéi Hexerei
Mäin Hierz ass dach eng sécher Wo
An do weit dëtt wéi dat elei
dat hei net méi wéi dat elo

4
Wier dach onst Land an der Tierkei
vill Fraen, 't ass gebräichlech do
Dann héil ech, mat deem Klengen hei
zu gläicher Zäit dat Grousst elo

Wéi meng Mamm nach huet gesponnen

TEXT: MICHEL LENTZ | MUSEK: EDMOND LENTZ

1
Wéi meng Mamm nach huet gesponnen
an ech bei dem Riedche souz
Dunn hu lauter séileg Stonnen
d'Freed mir bruecht an hirem Schouss
A wéi schéin déi gëllen Dreem
an der Kannerzäit doheem
wéi meng Mamm nach huet gesponnen

2
Wéi meng Mamm nach huet gesponnen
wat hat ech dunn d'Mënsche gier
Ech hunn net verstoe konnen
datt e Béisen drënner wier
Voll Vertraue wor mäin Hierz
ech wosst näischt vun Tréin a Schmierz
wéi meng Mamm nach huet gesponnen

3
Wéi meng Mamm nach huet gesponnen
du wor d'Welt mäi Paradäis
Lëschteg hunn ech sange konnen
wéi e Villchen op der Räis
Oft hätt ech gir wéi verzéckt
d'ganz Natur un d'Broscht gedréckt
wéi meng Mamm nach huet gesponnen

4
Zanter dass meng Mamm gesponnen
an um Späicher d'Riedche steet
si meng gëllen Dreem verschwonnen
an ech weess vun Tréin a Leed
Gott, wann ech nach eemol séiss
bei dem Riedchen hir zou Féiss
Wéi meng Mamm nach huet gesponnen

Räis *N.: «Holzreis, dünner Ast»*



Et wor emol e Kanonéier

TEXT & MUSEK: EDMOND 'DICKS' DE LA FONTAINE

1
Et wor eemol e Kanonéier
dee louch do uewen op der Rumm
Méi schéi wor nach kee Grenadéier
a Gottlieb Hurra wor säin Numm
Mir zwee mir sollten eis bestueden
mee fir ons allebéid ze schueden
Hunn d'Leit gesot, hie wier voll Schold
an dunn hunn ech dommt Stéck net wollt

2
Wat mécht mäi gudde Kanonéier
En drénkt dorop an engem Zock
aacht Deeg laang Greechen, Schnaps a Béier
a schéisst sech sonndes dout um Bock
Mir sollten d'Hoer zu Biereg stoen
wéi ech et d'éischt hunn héiere soen
Well vun de Männer alleguert
Hätt soss sech kee fir mech ermuert

3
Trei blouf ech mengem Kanonéier
mee 't schéngt seng Séil huet nach keng Rou
Ewell dem Béisen zum Pleséier
geet nuets säi Geescht hei op an zou
O Himmel hief dach mat deem Aarmen
virum dem Jéngsten Dag Erbaarmen
Fir mech ass kee lebendege Rot
Schenks du em net deng éiweg Gnod

Greechen M.: *«heuriger Wein» — sobald der folgende Jahrgang gekeltert ist, heißt dieser: G. u. der frühere wird nunmehr alen (alter Wein) genannt*

D'Margréitchen

TEXT: MICHEL LENTZ | MUSEK: LAURENT MENAGER

1
't ass Fréijoer an d'Vullen déi sinn erëm erwaacht
an d'Margréitchen huet sech eraus och gemaach
Si huet d'wäiss Kollerettchen erëm frësch ugedoen
soubal si de Poufank gehéiert huet schloen

2
A gréng ginn och d'Wise laanscht d'Weeën a Pied
d'Vioule verstoppe sech heemlech am Schiet
d'Beem kréien nei Blieder, den Nuechtegall schléit
de Wand séngt duerch d'Bëscher wou d'Meeréische bléit

3
An d'Sonn déi rifft d'Blumme schnéiwäiss, rout a blo
wéi Stären um Himmel, souvill sinn der do
Si rëschten a botze mat Faarwe sech räich
a blénken a blëtzen duerch Heck a Gesträich

4
Dach vun all de Blummen am Gaart an um Feld
ass d'Margréitchen déi mir am Beschte gefält
Et si wuel méi prächteg, méi schéi wuel déi meescht
mee ech hunn eng Freiesch, déi Margréitchen heescht

Kollerett *(Dim. Kollerettchen) F.: «Halskrause» — frz. collerette.*
Poufank *m., Buchfink. — E'sleker P., Bergfink.*

An Amerika

TEXT: MICHEL LENTZ | MUSEK: EDMOND LENTZ

1
Vu mengem Duref goung ech hier
dat frësch am Grénge läit
do hannen iwwert dem grousse Mier
esou wäit vu mir, esou wäit
Do steet en aremt klinzegt Haus
eng Bänk virun der Dier
Do breet eng Lann hir Blieder aus
mécht kille Schied dervir

Refrain
Wéi hunn ech d'Hierz esou wéi
gitt mir mäin Daach vu Stréi
a mengem Duerf erëm
ech ginn iech alles drëm

2
Vu menger Mamm fort goung ech hier
dee gudden Engel do
Mat hirem Hierz geet iwwert d'Mier
si iwwerall mir no
Op onser Bänk, virun der Dier
hu mir esou oft gesiess
a koum ons d'Liewen däischter vir
mir hunn et do vergiess

3
Vun hinnen zwee fort goung ech hier
hunn néierens keng Rou
An zënter zwëschen ons dat Mier
ginn ech och net méi frou
Kënnt op der Bänk, virun der Dier
ech sëtzen eng Minutt
bei hinnen zwee, da wär et mir
op dëser Welt erëm gutt

Greechen M.: *«heuriger Wein» – sobald der folgende Jahrgang gekeltert ist, heißt dieser: G. u. der frühere wird nunmehr alen (alter Wein) genannt*

De Feierwon

TEXT: MICHEL LENTZ | MUSEK: ANTOINE ZINNEN

1
De Feierwon, deen ass bereet
e päift duerch d'Loft, a fort e geet
am Dauschen iwwer d'Strooss vun Eisen
an hie geet stolz den Noper weisen
datt mir nun och de Wee hu fonnt
zum éiweg grousse Vëlkerbond

Refrain
Kommt hier aus Frankräich, Belgien, Preisen
mir wëllen iech ons Heemecht weisen
Frot Dir no alle Säiten hin
mir wélle bleiwe wat mir sinn
Frot Dir no alle Säiten hin,
wéi mir esou zefridde sinn

2
Mir hale fest un onser Scholl
vu Léift fir d'Land sinn d'Hierzer voll
Wa mir och keng Milliounen zielen
dir gëtt ons uechter d'Welt ze wielen
mir ruffen all aus engem Monn
Kee bessert Land beschéngt jee d'Sonn

4
D'Vollek a mengem Heemechtsland
huet géint all Mënsch d'Häerz op der Hand
Seng Fräiheet deet em d'Ae blénken
an d'Trei, déi deet seng Wierder klénken
Seng Sprooch mat hire friemen Téin
d'Gemittlechkeet, déi mécht se schéin

5
Mir hu keng schwéier Lascht ze droen
fir eise Staatswon dunn ze goen
Keng Steiere kommen eis erdrécken
keen Zwang de fräie Geescht erstécken
Mir maache spuersam eise Stot
kee Bierger a kee Bauer klot

6
An huet dir dann de Wäert erkannt
vum klenge Lëtzebuerger Land
an dir musst fort erëm vun eis goen
Da kënnt dir an der Heemecht soen
't ass d'Gréisst net grad, déi d'Gléck bedeit
well an deem Land si glécklech Leit

Feierwon: *M.: von Michel Lentz 1859 zur Feier des ersten Eisenbahnzuges, der vom Bahnhof Luxemburg abgelassen wurde, geprägter poetischer Ausdruck für «Eisenbahnzug, Lokomotive»*
Scholl: *1.beim Pflügen o. Ä. umgebrochenes großes, flaches Stück Erde 2. Ort, Gegend, wo jemand zu Hause ist; Heimat*

Ons Fräiheet

TEXT: MICHEL LENTZ | MUSEK: LAURENT MENAGER

1
Wéi laang schonn ass onst Ländche fräi
an a kee Joch gebéckt
Et huet jo kees ons d'Tyrannei
mat hirer Fauscht gedréckt
Mir wëssen näischt vun Drock an Zwank
a mir si fräi wéi de Gedank

Refrain
Si mir och kleng, dat wëllt net soen
Datt mir net d'Recht hunn ze bestoen

2
Frot dir de Bauer an der Schipp
dee bei dem Plou um Feld
als fräie Mann säi Kliefchen dämpt
wéi op säi Land en hält
Wësst dir wat en iech soe wiert
Ech droen am Hierz meng helleg lerd

3
Frot dir den Aarbechter dee séngt
a senger Wierekstat
ob hien net scho vu Jugend un
säi Ländche giren hat
En äntwert iech: Verflucht den Dag
wou fräi net méi mäin Hummerschlag

4
Wat onse Fläiss an d'Aarbechtskraaft
an hell an däischterer Stonn
an onse fräie Geescht geschaaft
läit kloer do wéi d'Sonn
All Gléck dat mir ëm ons gesinn
der Fräiheet mir et schëlleg sinn

5
De Wantergréng dee Blat u Blat
sech huet gedréckt ëm d'Eech
e stiereft wann de Bam duer fält
getraff vum Axestreech
Onst Gléck stierft och wann d'Fräiheet fält
Déi et kräfteg an dem Liewen hält

Joch 1. *auf der Stirn bzw. dem Nacken aufliegender Teil des Geschirrs (bei als Zugtieren eingespannten Ochsen oder Kühen);* ***2.*** *etwas, dem man unterworfen und wodurch die eigene Freiheit stark eingeschränkt ist*
kees *av., nie; contrahiert aus këmôls (keinmals)*
Kliefchen *(alte, grobe, klobige) Tabakpfeife, Pfeifenstummel*

Den Hexemeeschter

TEXT & MUSEK: EDMOND 'DICKS' DE LA FONTAINE

Refrain
Ech sinn e groussen Hexemeeschter
a wann ech Hokes Pokes soen
sinn all Gespenster wéi all Geeschter
mir ënnerdoen, mir ënnerdoen

1
Kënnt eppes an e Stall geschlach
a muerges sinn all Kéi gestrach
Hält sech anzwou eng Trauliicht op
sinn d'Wiichtelcher an enger Kichen
a setzen d'Kribänk nuets op d'Kopp
Da kommen d'Leit mech sichen
A kuck elei, kuck elei, kuck elei
deen aneren Dag ass alles an der Rei

2
Ass do an deem verwënschte Schlass
am Liichteschäin der Däiwel lass
wësst gär en Éiemann Bescheed
Ob d'Fra, wann s'op dem Biesem reiden
no Koplescht mat danze geet
Wien hëlleft dann de Leiden
Mee hei elei, hei elei, hei elei
keen anere wéi deen hei

Trauliicht *N.: **1.** «Irrlicht» (physikalische Erscheinung); **2.** im Volksglauben: «dämonisches feindliches Wesen, das den nächtlichen Wanderer in den Sumpf lockt; als Wiedergänger [Ermordeter, Mörder, Verbrecher, Grenzsteinversetzer, auch Seele eines ungetauften Kindes], erscheint es in Sümpfen, auf Friedhöfen; bed.: Tod, Unglück, Hungersnot»*

Wiichtelchen *«Wichtel» (Sagengestalt)*

Kribänk *F.: «Krugbank» (Stufengestell zum Aufstellen von Krügen, Schüsseln, Tellern, von Küchengeschirr überhaupt)*

‘t si vill schéi Rousen an der Stad

TEXT & MUSEK: EDMOND ‘DICKS’ DE LA FONTAINE

1
’t si vill schéi Rousen an der Stad
‘t ass keng, déi mengem Idee geet
Mä hei, bei deem verloossene Pad
do ass et wou meng Blimmche steet

Refrain
An dat bass du, meng hierzeg Séilchen
An dat bass du, du mäi Kapriss
An dat bass du, meng Bëschviéilchen
An dat bass du, mäin aartlecht Liss

2
‘t si vill schéi Kanner an der Welt
si sinn all wiert geléift ze ginn
‘t ass nëmmen eent, wat mir gefält
een eenzegt, wat ech gier gesinn

Du brauchs mer näischt ze schwieren

TEXT & MUSEK: EDMOND 'DICKS' DE LA FONTAINE

1
Du brauchs mer näischt ze schwieren
du kanns et fräi nu soen
du hues mech nët méi gieren
du muss et jo gestoen
Wëlls du mech da bedréien
Géi, 't ass net schéin ze léien
A so et léiwer riicht eraus
deng Léift fir mech ass aus

2
Wat brauchs du dann ze streiden
an dech nach béis ze man
Du kanns mech net méi leiden
gestéi et roueg an
Muss du dech da vermaachen
fir mech haut auszelaachen
O so et léiwer riicht eraus
deng Léift fir mech ass aus

3
Wien hätt et kënnen denken
Wéi falsch, wéi falsch ass dat
O 't wäert mech éiweg kränken
dass ech dech giren hat
Muss du mer d'Hierz da friessen
wann s du mech wéilts vergiessen
Nujee, nu so et riicht eraus
deng Léift fir mech ass aus

vermaachen *Verb.: «sich verstellen»*

D'Meedche vu Gëtzen

TEXT & MUSEK: TRADITIONELL

1
Et wor e Meedche vu Gëtzen, oho
mat Aen ewéi feiereg Blëtzen, oho
't wollt alle Männer gefalen,
Fir mat senge Freier ze bralen, oho, oho

2
't huet nëmme gedanzt a gesprongen, oho
gekickelt, gerolzt a gesongen, oho
Et duecht mat Spaassen a Laachen,
säi Gléck emol sécher ze maachen, oho, oho

3
Ma wéi et housch vum Bestueden, oho
wollt kee sech dat Meedchen oplueden, oho
't ass zweeërlee Männer a Freier,
haut sëtzt et um Affener Weier, oho, oho

4
Dir Meedercher loosst iech beléieren, oho
a kommt hier e gudde Rot héieren, oho
Maacht net ewéi d'Meedche vu Gëtzen,
soss bleift der nach alleguer sëtzen, oho, oho

bralen *intr. Verb.: «prahlen»*

Affener Weier: *ein erdichteter Ort, wohin man scherzweise die alten Jungfern zu schicken pflegt, die nicht mehr im Falle sind unter die Haube zu kommen. — (Es befindet sich übrigens ein Weiher dieses Namens in Fouches.)*

D'Pierele vum Da

TEXT & MUSEK: EDMOND 'DICKS' DE LA FONTAINE

1
D'Pierele vum Da
dat sinn deng Diamanten
D'Blummen um Feld
déi sinn däin Hochzäitskleed
An d'Nuechtigailercher
dat sinn deng Musikanten
An däin treit Hierz
ass meng Glécksëilegkeet

2
Dat wat ech hunn
dat wëll ech mat der deelen
Du weess, mäin Hierz
ass zënter laang schonn däint
Ob arem oder räich
wat soll mer dann nach feelen
Wann ech ka soen
fir éiweg bass de mäint

Da *M.: «Tau»*

Den alen topege Mann

(D'HUTSCHEL MAT DER BUTSCHEL) TEXT & MUSEK: TRADITIONELL

1
Et wor eemol en alen topege Mann
deen hat sech geheirot eng jonk a lëschtig Fra
Déi Fra di wollt bei Lorenz danze goen
dat konnt deen ale Schofskop jo net verstoen

2
O Fra, wëlls dau bei Lorenz danze goen
da looss dau mir déi Hutschel di Butschel hei stoen
Du leeft di Fra zur hënneschter Dier eraus
a fänkt deem ale Schofskop een Flantermaus

3
Si deet se an een Kaffisdous mat Watt
an dréckt deem ale Schofskop se flatschdig an de Grapp
Hei haous de se, a pass mer gout drop op
soss räissen ech der d'Hoar aus deiner plakeger Kopp

4
A wéi déi Fra vu Lorenz kumm gegaang
du hoat deen ale Schofskop ze kräischen ugefaang
O Fra, äich hoan e Kuerbel voll Verdross
ech hunn d'Hutschel mat der Butschel zur Fënster rausgelooss

5
Du heeft déi Fra hiert Ëmgeréits erop
an dréckt deen ale Schofskop mat der Schnëss flatschdig drop
Gesäiss de elo, dau alen topege Man
Datt d'Hutschel mat der Butschel jo guer net fléie kann

Schlof mäi Këndchen

TEXT & MUSEK: MICHEL LENTZ

1
Schlof mäi Këndche, schlof
bass dem Papp säi Schof
Däi Schotzengel waacht mat mir
an den Himmel kuckt no dir
Aus den dausend, dausend Stieren
déi hunn all braavt Këndche giren
Duerfir luussen si eran
mat de kloren Aen

2
Schlof du mäi léift Kand
d'Hand a menger Hand
An ech seenen dech datt hënt
dech keen Dram erschrecke kënnt
Duckel du dech an däi Këssen
schlof ewéi e gutt Gewëssen
Du mäin Alles wat ech hunn
kuck däi Papp dach un

3
Schlof, meng Séil, a Rou
de Papp deckt dech zou
An hie biet datt muere fréi
en dech fënnt an denger Wéi
Fir dech u säin Hierz ze drécken
léif a brav an alle Stécken
Onser Herrgott hal seng Hand
iwwert dech mäi Kand

An der zweeter Hallschent vum 19. Joerhonnert ginn et zu Lëtzebuerg gutt Grënn, fir "Lëtzebuerger Liddercher" ze schreiwen. D'Gesellschaft entwéckelt sech zu enger eegestänneger, zu enger gefillten Natioun, wat sech a Lidder iwwert Land a Leit ausdréckt. Wéinst de ville Chéier, virun allem Männerchéier, ass eng Nofro fir lëtzebuergesch Lidder do. Owes doheem gëtt gesongen. D'Liddercher besangen dat, wat de Leit no steet: Gaart an Natur, lessen an Drénken, Fräizäit, d'Handwierk, d'Léift, Alldagswäissheeten an Erënnerungen, ...

Opfälleg produktiv an erfollegräich si bei den Textdichter de Méchel Lentz a bei den Toundichter säi Bouf, den Edmond Lentz, de Jean-Antoine Zinnen, de Laurent Menager, de Gustav Kahnt an natierlech den Edmond de la Fontaine, genannt den Dicks, dee virun allem mat ville Lidder aus senge Koméidisstécker "Éiweggrénger" produzéiert.

© MASKéNADA 2020

Gesank: Serge Tonnar
Klawéier: Georges Urwald

All Arrangementer gliddeg aus der Pan vum Serge Tonnar & Georges Urwald

Opgeholl zu Helleng am Schlim Tounstudio am Juli 2019 (schlim.lu)

Gemëscht vum Luka Tonnar

Gemeeschtert vum Gert Van Hoof bei Cochlea zu Antwerpen

An d'Bild gesat vum Fabienne Schmit

Fotoe vum Jeanine Unsen

Produzéiert vum Serge Tonnar & Georges Urwald

Aus der Heemecht

LËTZEBUERGER LIDDER AUS DEM 19. JOERHONNERT

1 Sträit (4:27)
2 Dat elei an dat elo (5:11)
3 Wéi meng Mamm nach huet gesponnen (4:09)
4 Et wor eemol e Kanonéier (3:19)
5 D'Margréitchen (3:49)
6 An Amerika (5:39)
7 De Feierwon (3:54)
8 Ons Fräiheet (4:02)
9 De groussen Hexemeeschter (4:29)
10 't si vill schéi Rousen an der Stad (3:34)
11 Du brauchs mer näischt ze schwieren (3:24)
12 D'Meedche vu Gëtzen (2:37)
13 D'Pierle vum Da (2:58)
14 Den topege Mann (3:57)
15 Schlof, mäi Këndche, schlof (3:04)

MASKéNADA
VILLE DE LUXEMBOURG
LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG Ministère de la Culture
ŒUVRE Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte
FONDATION INDEPENDANCE by BIL
0 672975 016562